adrenalin
déi jonk adr

Punkteprogramm fir d'Adrenalin am Joer 2010

Am Kader vun 2 Klausurtagungen hu Fräiwëlleger vun der Adrenalin sech an deene leschten zwee Méint zesummegesat, fir eng Lëscht auszeschaffen. Dës Topten-Lëscht stellt eng Prioritéitelëscht duer, wou mer eis während dem nächste Joer méi staark engagéieren.

1. ***Edukatioun:*** Mir fuederen eng gréisser Unerkennung vun auslännesche Diplomer am Kader vum Bologna Prozess.
2. ***Edukatioun:*** D'Handwierksberufer misste nees opgewert ginn, fir sou eng Verweisung vum Handwierk ze verhënneren.
3. ***Edukatioun:*** Mir si fir eng Aféierung vum Fach „Mediekompetenz" an de Schoulen. D'Schüler musse léieren, wéi se sech Informatioune beschafen a wéi se d'Seriösitéit vun den Informatiounen korrekt bewerte kënnen.
4. ***Aarbechtspolitik:*** D'Entwécklung vun der Aarbechtsmaartpolitik ass onbedéngt am Aa ze behaalen. Dëst grad am Bezuch op d'Jugend.
5. ***Logement:*** Et misste Projeten ausgeschafft ginn, déi bezuelbare Wunnraum fir Jugendlecher schaft.
6. ***Transport:*** E Latenightbus-System misst National erweidert an punktuell ausgebaut ginn.
7. ***Transport:*** D'Participatioun um Fuertest am Formatiounszentrum zu Kolmer-Bierg misst méi belleg wa net esouguer gratis sinn. Fir vill Jugendlech ass dës obligatoresch Participatioun eng finanziell Belaaschtung, grad wann een d'Käschte vum Führerschäi bedenkt.
8. ***Sprooch:*** De Staat soll eis Mammesprooch förderen, andeems e Groussdeel vum Contenu vun den ëffentlechen Websites souwéi erofluedbart Material wéi Formulairen a lëtzebuergescher Sprooch ugebuede gëtt. De Site *guichet.lu* misst och opmannst an eiser Mammesprooch verfügbar sinn.
9. ***Kultur:*** Mir fuederen eng stäerker Ënnerstëtzung vu lëtzebuergesche Konschtprojeten souwéi eng Förderung vun der jonker Muséks- a Konschtszen.
10. ***Bénévolat:*** Mir si fir eng gréisser Unerkennung vun de Leeschtungen am Bénévolat. Leit, déi sech dagdeeglech fir eis Sëcherheet a Gesondheet éierenamtlech asetzen, sollten dovunner och eppes hunn.

adrenalin
4, Rue de l'Eau,
1449 Luxembourg

www.adrenalin.lu
info@adrenalin.lu